N°1409
Entrée le 03.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1409 vum 22. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi ass den aktuelle Stand zu dësen Aussoe vun der Ministesch, déi viru méi wéi dräi Méint gemaach goufen?*

No der leschter Ännerung am Joer 2023 um Gesetz vum 8. Mäerz 2018 betreffend d'Spideeler an d'Spidolsplanifikatioun (*Loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière*), ass d'Zuel vun den autoriséierten Ekipementer op nationalem Niveau fir d'Miessung vun der Knachendicht nom DXA-Verfaren vun een op dräi ugepasst ginn. Zënter däser Gesetzesännerung gouf eng Demande fir den Akaf an d'Subventionnéierung vun engem Ekipement vum Centre Hospitalier du Nord (CHdN) agereecht. Des Demande ass no engem positiven Avis vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier (CPH) genehmegt ginn a wann all d'Prozeduren an d'Amenagementer vum Lokal sou wéi geplangt ofgeschloss kënne ginn, da kënnen déi éischt Patienten am Januar empfaange ginn.

*2. Wat genee ass zënter der RTL-Reportage vum Ministère ënnerholl ginn, fir d'Uschafung vun dësen zwee Apparater ze beschleunegen?*

Geméiss der Applikatioun vum geännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2018 betreffend d'Spideeler a d'Spidolsplanifikatioun (*Loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière*), kann en drëtten Apparat envisagéiert ginn. Fir dëst ze maachen, muss e Spidol eng Demande stellen, wat bis elo nach net de Fall ass. D'Spideeler sinn am Austausch fir dem M3S d'Demanden zäitno virzeleeën.

*3. Den aktuellen Apparat ass mëttlerweil 24 Joer al. Iwwert d'Joren hätten ëmmer nees Infrastrukture missten erneiert ginn, well et duerch déi vill Exame pro Joer zu engem immens grousse Verschläiss kënnt. Néierens a ganz Europa géife souvill Examen op enger Infrastruktur gemaach ginn. Entsprécht dëse 24 Joer alen Apparat nach den aktuelle Standarden, déi fir DensitométrieApparater gefuerdert ginn? Wa nee, ass geplangt, dësen Apparat an Zukunft duerch een neien ze ersetzen?*

D'Méiglechkeet vun engem eventuelle Remplacement vun dësem Apparat ass Deel vun den iwwergräifenden Iwwerleeungen an Diskussioune bezüglech der Ostéodensitométrie, déi lafen. Et ass ze präziséieren, datt den aktuell exploitéierten Apparat bei den HRS keng 24 Joer huet, en ass aus dem Joer 2013 a net aus dem Joer 2000. Eng Demande fir d'Erneierung vum Apparat, dee bei den Hôpitaux Robert Schuman (HRS) exploitéiert gëtt, soll eisen Informatiounen no kuerzfristeg agereecht ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*<u>4. Wéi héich ass d'Stralung (a Millisievert) fir d'Patienten, wann eng Miessung mam aktuellen Apparat gemaach gëtt? An am Verglach dozou, wéi héich ass d'Stralung (a Millisievert) vun de méi moderne Modeller, déi geplangt sinn? Sinn dës méi stralungsaarm?</u>*

D'Effektivdosis läit beim aktuellen an och zukünftegen Apparat bei ongeféier 0,01 mSv fir een Examen woubäi den neien Apparat weider Fonktionalitéiten huet. Dës Dosis entsprécht den Empfeelunge vun den Autoritéite vun der Radioprotektioun[1].

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] https://www.iaea.org/resources/rpop/health-professionals/other-specialities-and-imaging-modalities/dxa-bone-mineral-densitometry/patients